ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

D'Madamm Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg, Lydie Polfer, huet den 15. Januar am Kontext mat der Onsécherheet am Garer Quartier an engem Interview op RTL Radio Folgendes gesot:

„Déi allermeeschte Leit, Dir hutt vum Abrigado geschwat, déi allermeeschte Leit, déi do sinn, déi hu mat der Stad Lëtzebuerg a souguer mat dem Land näischt ze dinn."

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn et an deem Kontext Statistiken oder Aschätzungen, wéi vill vun den Abrigado-Benotzer aus Lëtzebuerg sinn
   - oder eng Kéier zu Lëtzebuerg gewunnt hunn
   - oder zu Lëtzebuerg gebuer sinn
   - oder d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn?
2. Sollt et keng Statistiken oder Aschätzunge ginn, weess den Här Minister, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch dorop kënnt?
3. Wéi steet de Minister zu der Ausso vun der Madamm Buergermeeschtesch? Gëtt hien hier an der Analys Recht?
4. Ass Drogentourismus (also Auslänner, déi op Lëtzebuerg kommen, fir hei Drogen ze kafen an/oder ze verkafen) an den Ae vum Här Minister e Problem zu Lëtzebuerg?
5. Wéi geet den Här Minister géint den Drogentourismus vir?
6. Grad bei der Opklärung vu Strofdoten, déi mat Drogekriminalitéit a Verbindung stinn, ass et wichteg ze wëssen, vu wou déi Leit hierkommen, fir esou kënnen méi effikass a grenziwwerschreidend virzegoen.
   Kann de Minister eis am Hibléck op d'Strofdoten, déi um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg am Joer 2019 begaange goufen - an nach méi prezis, wat Strofdoten am Kontext mat Droge betrëfft - soen,
   - wéi vill Täter dovun um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg wunnen,
   - wéi d'Opdeelung bei den Täter opgeschlësselt no der Nationalitéit ass,

- wéi d'Opdeelung vun den Täter opgeschlësselt no de Länner ass, wou d'Täter wunnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**